

## Rendre la Ville à ses habitant(e)s.

Notre ville est aujourd'hui aux mains d'une petite minorité. Les promoteurs et les grands propriétaires terriens jouissant d'une liberté d'action à peu près totale, même les personnes à revenus moyens ont du mal à louer ou à acheter un logement dans leur propre ville. Les autorités communales favorisant systématiquement les marques de luxe et les grandes surfaces, les commerces indépendants sont condamnés à fermer boutique l'un après l'autre. Nés de la spéculation et de la dérégulation, sans âme, les quartiers nouveaux sont réservés à une minorité de personnes à revenus élevés. déi Lénk estime qu'il est temps de changer de politique. Il faut rendre notre Ville à ses habitant(e)s. Cela signifie, d'abord, qu'il faut associer plus étroitement les habitant(e)s à la prise de décisions, notamment par le biais d'un budget participatif bien organisé. Mais cela signifie, aussi, que les autorités communales doivent prendre des mesures concrètes dans l'intérêt de la majorité des gens, et non d'une minorité privilégiée.

10 de ces mesures seront présentées ici.

### 1. Construire des logements publics.

Un(e) Viennois(e) sur 4 habite un logement communal. Aux Pays-Bas, le taux de logements publics est de 32 %, en France de 17 %. Même la très chic Neuilly-sur-Seine dépasse aujourd'hui les 5 % de logements communaux. À Luxembourg-Ville, on atteint péniblement 1 % ! Un taux ridiculement bas, qui explique en

bonne partie la crise actuelle du logement. déi Lénk propose que la Ville de Luxembourg puise dans ses importantes réserves financières – plus de 700 millions d'euros – pour construire elle-même des logements. Notre objectif à long terme : au moins 10 % de logements communaux.

### 2. Lutter contre la spéculation immobilière.

La Ville de Luxembourg est le paradis des spéculateurs. Comme en témoignent la Ville Haute, largement dépeuplée, et la place de l'Étoile, en friche depuis des décennies, un propriétaire peut tout à fait laisser un logement ou un terrain à l'abandon pendant des années sans que cela ne lui coûte. Cela est dû au fait que la Ville refuse

d'appliquer la législation existante. déi Lénk veut mettre fin à cette anomalie : conformément à la loi, des logements et des terrains laissés vides à des fins spéculatives doivent être taxés ou expropriés.

### 3. Protéger les locataires.

Le marché de location en ville devient de plus en plus agressif. Tandis que les propriétaires ne cessent d'exiger des loyers croissants et que les agences immobilières multiplient les commissions, les locataires potentiels ont de plus en plus de mal à trouver un logement.

Aujourd'hui, la Ville reste impassible face à cette situation, alors qu'elle a les moyens d'agir. Ainsi, déi Lénk propose que la commune conseille activement les locataires au sujet de leurs droits (e. a. sur les aides au logement et sur leur droit de contester un loyer trop élevé devant la commission des loyers).

### 4. Soutenir les entreprises et commerces indépendants.

Tandis que le nombre d'enseignes de luxe ne cesse d'augmenter, les derniers commerces indépendants sont en train de disparaître du centre-ville. Comme beaucoup de particuliers, les commerçants indépendants ont de plus en plus du mal à faire face à la hausse continue des loyers. Celle-ci défavorise également les initiatives de jeunes entrepreneurs. déi Lénk est d'avis que la Ville

peut agir dans ce domaine. D'une part, en planifiant de nouveaux quartiers, elle peut prévoir suffisamment d'espace pour les commerces de proximité. D'autre part, la Ville dispose elle-même d'un parc d'espaces commerciaux qu'elle peut augmenter et louer selon des critères tenant compte de l'impact culturel et sociétal des projets soumis.

### 5. Améliorer l'offre des services sociaux.

Bien que les problèmes sociaux ne manquent pas, la Ville de Luxembourg y répond avec une certaine nonchalance. déi Lénk favorise une approche plus proactive des questions sociales. Ainsi, l'Office social, en sous-effectifs depuis des années, doit rapidement disposer de plus de moyens en

personnel. De même, dans la mesure où l'engagement des associations et des bénévoles ne saurait répondre à tous les besoins, la Ville doit embaucher elle-même des éducateurs de rue (streetworkers) pour faire du travail de prévention auprès des SDF ou des toxicomanes.

### 6. Recommunaliser les réseaux d'énergie.

En 2010, les réseaux d'électricité et de gaz de la Ville de Luxembourg ont été privatisés. Cela est contre-productif : en effet, à l'avenir, ce seront les réseaux, plus que la production d'énergie, qui généreront du profit. Cette source de revenus ne doit pas être laissée

entre les mains d'investisseurs privés. C'est pourquoi déi Lénk veut recommunaliser à moyen terme les réseaux d'énergie de la Ville.

### 7. Créer davantage de crèches municipales.

Un service public fort de la petite enfance peut constituer une garantie de l'inclusion sociale et linguistique de l'enfant et prévenir l'atomisation croissante de notre société. Or, à Luxembourg-Ville, il existe seulement

5 crèches communales en fonctionnement et 3 en projet, contre plus de 100 crèches privées. déi Lénk estime qu'il faut commencer à inverser cette tendance par la création de crèches publiques dans chaque quartier de la Ville.

### 8. Étendre les transports publics et les rendre gratuits.

Dans les années à venir, notre ville continuera à connaître une forte croissance. En raison d'une planification urbaine défectueuse, le nombre de navetteurs et navetteuses croîtra beaucoup plus vite que celui des habitant(e)s. Si nous voulons échapper à des embouteillages monstres et à une pollution massive, il faut augmenter considérablement la proportion d'utilisateurs des transports en commun.

Cela vaut aussi bien pour les personnes faisant la navette que pour les habitant(e)s de la Ville. Une évolution des comportements n'est possible que si l'offre en trams, bus et trains continue à être étendue et devient économiquement plus intéressante que la voiture. C'est pourquoi déi Lénk veut rendre les transports en commun gratuits sur le territoire de la Ville.

### 9. Donner la priorité aux piéton(ne)s et aux cyclistes.

Le passage massif à la mobilité douce ne se fera que si les piéton(ne)s et les cyclistes se sentent en sécurité par rapport à la circulation automobile. C'est pourquoi la vitesse maximale autorisée doit être ramenée à 30 km/h dans la plupart des rues. Il faut augmenter le nombre de zones de rencontre dans les quartiers et

celui des passages cloutés sur les grands axes. Les pistes cyclables doivent être clairement délimitées et leur tracé ne doit pas être interrompu. Par l'implantation de boxes à vélos sécurisées jusque dans les quartiers d'habitation, les personnes ne disposant pas d'un garage seront encouragées à prendre le vélo.

### 10. Mettre en place un réseau de bibliothèques de quartier.

La Bibliothèque nationale est en passe de déménager au Kirchberg tandis que la Bibliothèque municipale a atteint les limites de ses capacités. Les habitant(e)s de la ville ont besoin de bibliothèques de proximité, conviviales et adaptées à des publics de tout âge. C'est pourquoi déi Lénk propose de créer, dans certains quartiers,

des bibliothèques municipales, en tenant compte de la diversité linguistique de la population concernée.

Contact :  
sekretariat@dei-lenk.lu  
Site déi Lénk Stad :  
<http://stad.dei-lenk.lu/>  
déi Lénk Stad sur Facebook :  
[www.facebook.com/lenk.Stad/](http://www.facebook.com/lenk.Stad/)

# 10

## Konkret Moosname fir eis Stad.

D'LEIT STAARK MAACHEN.

# dei Lénk

STAD

[www.dei-lenk.lu](http://www.dei-lenk.lu)

## D'Stad soll nees hieren AwunnerInne gehéieren.

Eis Stad ass haut an den Hänn vun enger klenger Minoritéit. Well Promoteuren a Groussgrondbesëtzer fräi Hand gelooss kréien, hun esouguer Leit mat mëttlerem Akommen et schwéier, fir an hierer egener Stad eng Wunneng ze lounen oder ze kafen. Well systematesch op Luxusmarquen a grouss Akafszentere gesat gëtt, mussen onofhängeg Geschäftsleit ee nom aneren zoumaachen. Duerch Spekulation an Deregulation entsti Quartieren, déi keng Séil hun an enger Minoritéit vu Bessergestaltene virbehale sin. déi Lénk mengen, dass et Zäit ass fir eng aner Politik. Eis Stad soll nees hieren AwunnerInne gehéieren. Dat kann doduerch geschéien, dass d'AwunnerInne selwer méi staark an d'Entscheidungsprozesser sollen agebongin, z. B. iwwert e gutt organiséierte partizipative Budget. Dat kann och doduerch geschéien, dass d'Gemeng konkret Moosnamen hëllt, déi am Interessé vun dene meeschte Leit, a net vun enger Minoritéit vu Priviléigierte sin.

10 esou Moosname stelle mir hei vir.

### 1. Öffentleche Wunraum schafen.

Zu Wien leeft all 4. Awunner an enger Gemengewunneng. An Holland gëtt et 32 % öffentlech Wunnengen, am Frankräich 17 % – esouguer dat schickt Neuilly-sur-Seine bei Paräis bréngt et op iwwer 5 %. An d'Stad Lëtzebuerg? Déi kënnt just op 1 %. Eng absolut

lächerlech Zuel, déi munches un der Logementskris vun haut erklärt. déi Lénk wëllen, dass d'Gemeng hier massiv Finanzreserven vun iwwer 700 Milliounen Euro benotzt, fir selwer Wunnengen ze bauen. Laangfristeg Zil : op mannst 10% Gemengewunnengen.

### 2. Immobilienspekulation bekämpfen.

D'Stad Lëtzebuerg ass en absolut Paradäis fir Spekulanten. Wéi déi ausgestuerwen Uewerstad an de Schandfleck vun der Stäreplaz et beweisen, kënnen Terrainen a Wunnengen jorelaang broochleie resp. eidelstoe gelooss ginn, ouni dass eppes geschitt. Dat kënnt

dohier, dass d'Stad Lëtzebuerg refuséiert, déi bestoend Gesetzer ze applizéieren. déi Lénk wëllen dës Legislation endlech ëmsetzen: Terrainen a Wunnengen, déi aus spekulative Grënn eidel bleiwen, sollen entweder héich besteiert oder expropriéiert ginn.

### 3. Locatairë schützen.

De Locatiounsmaart gëtt an der Stad all Joer méi aggressiv. Während Propriétaires ëmmer méi héich Loyerer, an Immobilienagencen ëmmer méi grouss Kommissiounen froen, hu potentiell Locatairen et ëmmer méi schwéier fir ënnerzekommen. Haut kuckt d'Gemeng dës Situatioun passiv

no. Dobäi huet sie duerchhaus Moyenen, fir ze agéieren. An dësem Sënn proposéieren déi Lénk, dass d'Gemeng Locatairen aktiv beréit, a se iwwert hier Rechter opkläert (ë. a. iwwert Subventiounen, an d'Méiglechkeet, en ze héije Loyer virun der Loyerskommissioun ze kontestéieren...).

### 4. Kleng Betriber a Geschäfte ënnert d'Äerm gräifen.

Während d'Zuel vu grousser Luxuschaïnen an der Stad ëmmer méi an d'Luucht klëmmt, verschwanne no a no déi leischt onofhängeg Geschäfte aus dem Zentrum. Wéi fir aner Privatleit gëtt et fir onofhängeg Geschäftsleit ëmmer méi schwéier, hire Loyer ze bezuelen. Och Initiativ vu jonken Entrepreneuren ginn esou discouragéiert. déi Lénk men-

gen, dass d'Stad agéiere kann. Urbanistesches ka si Quartieren esou definéieren, dass se vill Plaz fir kleng Geschäfte loossen. D'Stad huet och Geschäfte soll si ausbauen a no Critère verlounen, déi dem kulturellen a gesellschaftlechen Impakt vun dem jeeweilege Projet Rechnung droen.

### 5. Sozial Servicer verbessern.

Obwuel et an der Stad Lëtzebuerg net u soziale Problemer feelt, begéint d'Gemeng hinne oft mat enger gewëssener Nonchalance. déi Lénk sti fir eng méi proaktiv Haltung a soziale Froen. Esou soll den Office social, dee schonns säit Joren ënnerbesat ass, esou séier wéi méiglech opgestockt

ginn. A well den Engagement vun Associatiounen a Fräiwëlegen net alles kann ofdecken, soll d'Gemeng och selwer Streetworkers astellen, fir mat Leit ouni Dag iwwert dem Kapp a mat Drogenofhängegen Präventiounsaarbecht ze maachen.

### 6. D'Energie-Netzer nees ënnert öffentlech Kontroll bréngen.

2010 sinn d'Stroum- an d'Gasnetzer vun der Stad Lëtzebuerg privatiséiert ginn. Dat ass kontraproduktiv. Well an Zukunft wäerten d'Energieproduktioun selwer, Akommes generéieren. Et gëtt dofir kee

Grond, dës Akommesquell an Hänn vu privaten Investisseuren ze loossen. déi Lénk wëllen, dass d'Stater Energie-netzer mëttelfristeg nees rekommunaliséiert ginn.

### 7. Méi öffentlech Crèchë bauen.

Mat engem staarken öffentlechen Secteur fir Kannerbetreiuung kann een déi sozial a sproochlech Inclusioun vun alle Kanner garantéieren an dem Ausenanerdreiwe vun eiser Gesellschaft entgéintwierken. Mee haut ginn et an der Stad nëmme 5 öffentlech Crè-

chen, déi a Betrib an 3, déi gelangt sinn, während et iwwert 100 privat Crèchë gëtt. déi Lénk sinn der Meenung, dass ee muss ufänken, dës Tendenz ëmzekéieren, andeems een all Quartier mat öffentlechen Crèchen equipéiert.

### 8. Den öffentlichen Transport ausbauen a gratis maachen.

An deene nächste Jore wäert eis Stad weider staark wuessen. Wéinst enger schlechter urbaner Planifikatioun wäert dobäi d'Zuel vu de PendlerInnen nach vill méi staark klamm wéi déi vun den Awunner. Wa mir stonnelaang Stauen a massiv Ëmweltverschmutzung verhënnere wëllen, mussen vill méi Leit – PendlerInnen wéi Awun-

nerInnen – op den öffentlechen Verkéier ëmklammen. Dat geet nëmme, wann Tram, Bus an Zuch weider ausgebaut ginn, an hier Benotzung och finanziell vill méi interessant wéi den Auto gëtt. Dofir wëllen déi Lénk, dass um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg den öffentlichen Transport gratis soll ginn.

### 9. De Foussgänger an de Vëlofuerer d'Prioritéit ginn.

E massiivt Ëmklammen op duuss Mobilitätsformen ass nëmme da méiglech, wa Foussgänger a Vëlofuerer sech vis-à-vis vum Autosverkehr a Sécherheet spieren. Dofir soll déi maximal Vitesse an deene meeschte Stroossen op 30 km/St erofgesat ginn. An de Quartiere mussen et

méi Begéignungszonen; op de groussen Achse méi Zebrastreifen ginn. Vëlospisten mussen kloer siichtbar ugeleucht ginn an onënnerbrach verlafen. D'Ëmklammen op de Vëlo soll och de Leit ouni Garage duerch geséichert Vëloboxen an de Wunnquartieren erméiglecht ginn.

### 10. E Reseau vun öffentlichen Quartiersbibliothéiken op d'Bee stellen.

D'Nationalbibliothék plënnert geschwënn op de Kierchbiereg, d'Stater Bibliothék platzt schon haut aus alle Néit. Eis Stad brauch Bibliothéiken, déi no bei de Leit sinn, e Public vun all Alter uschwätzen, a Platz fir Geselligkeet loossen. déi Lénk proposéieren dofir, a verschidene Quartieren öffentlech Bi-

bliothéiken ze schafen, déi der sproochlecher Diversitéit vun der jeeweileger Populatioun Rechnung droen.

Kontakt-Adress : sekretariat@dei-lenk.lu  
Internet déi Lénk Stad : http://stad.dei-lenk.lu/  
déi Lénk Stad op Facebook : www.facebook.com/lenk.Stad/

# 10

## Mesures concrètes pour notre Ville.

D'LEIT STAARK MAACHEN.

# dei Lénk

STAD

www.dei-lenk.lu